

FILM

Aarbechtshelden

No "Megacities" bréngt den éisträichesche Regisseur Michael Glawogger am Oktober säin neitste Film "Workingman's Death" an d'Kinoen - mat Hëllef vum Paul Thiltges, deem seng Firma och déi kéier fir d'Distributioun suergt. D'woxx war beim Screening dobäi.



Schaffe fir ze iwwerliewen: Mineuren an der Ukraine.

(Foto: V. Marushenko)

(rw) - De Film fängt u mat enger ironischer Referenz un de Stakhanovismus: Den Donbas Stakhanov hat den 1. September 1935 an enger eenzeger Schicht 102 Tonne Kuelen ofgebaut - doraus huet de Stalin Propaganda gemaach. Mat Fotoën a Filmer iwwert de Stakhanov goufen déi aner Aarbechter an Aarbechterinnen mobiliséiert, fir dësem Held vun der Aarbecht et nozemaachen, an esou d'Pro-

duktioun op e Maximum ze driewen.

Un déi historiesch Uspilling hänkt sech dat éischt Kapitel vu Workingman's Death un: "Heroes" weist ukrainesch Minnenaarbechter, déi a stëllgeluechte Minnen illegal weiderschaffen, well se keng aner Aarbecht fannen. "Mouse-traps" ginn déi enk Schächt genannt, déi all Moment kënnen zesummefalen. D'Biller vun den zwee Männer, déi de gan-

zen Dag an engem Schacht schaffen, deen net vill méi breet wéi si selwer ass, hunn och hir Ausstrahlungskraaft - awer duerch hire krasse Realismus. Während déi zwee matten am Schacht Paus maachen an am Leien hir Zopp läffelen, äntwere si op dem Realisateur seng Froen: "You can't compare us with worker heroes like Stakhanov. We're not being driven by enthusiasm. Our enthusiasm comes

from the will to survive." Iwwerliewen, dat ass fir all d'Figuren am Michael Glawogger sengem neie Film dat Wiesentlecht.


A fënnf Kapiteln weist hie Leit - meeschtens Männer - déi eng physisch extrem ustrengend Aarbecht maachen, an dat fir en Hongerloun. Schwiewelmineuren an Indonesien, déi déi sténkeg, gliddeg Stécker Schwiewel aus dem Vulkan brieche - sou séier wéi et geet, well et gött op d'Gewicht bezuelt. Aarbechter an engem Schluechthaus an Nigeria, déi am Blutt, am Dreck an an de Kreesch vun den Déieren d'Vei schluechten, hinnen de Pelz ofbrennen, d'Fleesch zerstückelen an da verkafen. Paschtounesch Migranten am Pakistan, déi riseg, ausrangéiert Uelegtanke mat primitivem Aarbechtsmaterial a Stécker zerleeën. Chinesesch Stolaarbechter, déi a Schmelze schaffen, déi iergendwou ofgerappt a bei hinnen erëm opgebaut goufen. Vläch ass engt vu Lëtzebuerg dobäi?

De Glawogger weist d'Krasheit an d'Brutalität vun deem Liewen, dat just op Aarbecht ausgerichtet ass. Eng Form vun Aarbecht, déi et bal net méi gött. Hien zwéngt eis an deen Dilemma eran, deen eis Zäit ausmécht: Hei gött eng Zort Aarbecht gewisen, déi schéngt ze verschwannen, schwéier a geféierlech kierperlech Aarbecht. An zu gläicher Zäit wou mer denken, dat do misst verbuede ginn, dat gött an zéng Joer vu Maschinne gemaach,


wësse mer: Et ass fir vill Leit déi eenzeg Manéier z'iwwerliewen. Wann dës Aarbecht verschwénnt, wat maache se dann?

De Regisseur weist awer och, wéi aus deenen dreckege Kierperen, déi wéi Maschinne fonktionéieren, no der Schicht frëndlech Leit ginn, déi gespréichlech sinn, mat de Kollege fachsimpelen oder doheem mat der Fra gecksen. Déi Zeen, wou dem ukraineschen Aarbechter a senger Fra hiirt klengt Gléck gewise gött - eng schappeng Wunneng, an där se eng kleng Geess zillen, gehéiert zu deenen emouvantsten am ganze Film. Déi meescht vun den Aarbechter, déi de Glawogger interviewt, behaapten, si wieren zefridden, jo souguer glécklech. Kann een en dat gleewen? Wat een hinnen éischer gleewt, ass wann se vun der Geforschwätzen: "Death is always with us."

Irritéieren deet un dësem Film - trotz sengem Realismus - d'Grandiositéit vu villen Zeenen. Beandroekend Vuen, extrem kräfteg Faarwen, déi trotz der Krasheit vun de Biller fir eng gewëssen Esthetisierung suergen. Heiansdo freet ee sech, ob de Glawogger net och dem Mythos vun der Muskelaarbecht verfällt, nostalgisch gött. Och den thematische Choix dréit zu dëser Irritatioun bäi. Et gött aner kierperlech Aarbecht, déi genee sou ausbeuteresch ass wéi déi am Film, awer manner spektakulär a Biller ëmzesetzen ass. Mee do geet et net ëm Helden.




Ukraine: V. Marushenko




Indonesien: M. Iqbal



Nigeria: U.J. Iroha



Pakistan: Abdul Khan



China: P. Danquart

INTERVIEW

"Biller, déi een net méi lass gött"

(rw) - Am Virfeld vu "Workingman's Death" senger éischer Apparitioun - Ufank September beim Filmfestival vu Venedig - huet d'woxx sech per Mail mam Paul Thiltges, dem Distributeur vum Film, ënnerhalen.

Firwat distribuéiers du dëse Film?

"Paul Thiltges Distributions" (PTD) hat schon dem Michael Glawogger säi viiregten Dokumentarfilm distribuéiert. Sou kleng Gesellschaften wéi PTD hu géintwärtig grouse Boiten natierlech de Virdeel, datt si sech ganz exklusiv ëm de Film beméien. Megacities wor e "produit-phare", well de Film d'Méiglechkeet vun enger grousser Visibilitéit um Marché ginn huet: Et muss ee bedenken, datt dee Film op iwwer 30 Festivale gewise gouf, dorënner déi fir Dokumentairen am prestigieësten, wéi de Sundance Film Festival oder de Cinéma du Réel zu Paräis. Ech hunn och nach ni esou vill Rechter u Bibliothéike vu groussen Universitëiten an Amerika verkaf wéi bei deem Film. Ech hat mer awer éierlech gesot beim Verkauf vu Megacities méi erwaart. Eréischt duerch dës Zesummenaarbecht ass e Vertrauensverhältnis tëscht dem Michi a senger Produktiounsfirma Lotus a mir entstan. Bei Workingman's Death gouf ech gefrot, op ech neess de Verkauf géif iw-

werhuelen, an ech hu spontan jo gesot. De Michi ass e Mënsch, dee mech touchéiert, a seng Filmer och. A well ech nëmme Filmer gutt verkafe kann, déi ech gär hunn ...

Ass et dann éischer e Gerücht, datt den Documentaire eng nei Bléi erliewt? Oder sinn et d'Programmateuren, déi dem Public näischt zoutrauen?

Den Documentaire erliewt tatsächlech weltwäit eng nei Bléi. Dat heescht awer net, dass en elo géif den amerikaneschen Actionfilm vun de Leinwänn verdriewen. D'Geldgeber an d'Distributoren gi sech vun Zäit zu Zäit duerfir hir, fir e bësse méi Geld an en Documentaire z'investéieren. Wat d'Programmateuren ugeet, sou kann ech nëmme soen, datt et där enger an där anerer göt. Oder anescht erëm: Filmer, déi de Joy Hoffmann gär huet (oder hat), programméiert hien haut net onbedingt fir an den Utopia, well déi Maschinn muss no wirtschafleche Critère gefouert ginn, an do zielt nëmme eppes: Wéivill Leit sëtzen all owes am Kino? An éierlech: Wéivill Leit ginn sech haut nach zu Lëtzebuerg en Documentaire ukucken? Zum Gléck gött et eng (kleng) Alternativ zum Kino: den DVD-Marché.

Wéi géifs de dem Glawogger seng Evoluitioun vu Me-

gacities op Workingman's Death charakteriséieren?

Wa bei Megacities nach eng gewësse Portioun "Voyeurismus" derbäi war, dann net méi bei Workingman's Death. Hei setzt d'Kamera sech all de Geforen aus wéi déi Leit, déi se filmt, kraucht mat de Biergaarbechter an e 40 cm niddrege Kueleschacht, sëtzt am Bauch vum Uelechtanker, wann deen oprécht. Workingman's Death huet d'Rou a léisst sech Zäit, vill Zäit, fir d'Leit ze kucken. A kuckt och net ewech, wann et emol fir eis Verhältnisser bluddeg zougeet wéi am Schluechthaus an Nigeria. Dem Michi seng Filmer si keng, déi ech mer e puermol ukucken, mee et si sécherlech déi, déi a mengem Kapp Biller aplanzten, déi ech ni méi lass ginn.

Wat ass denger Meenung no seng Absicht, wann hien sou Biller weist?

Wat geet an engem Mënsch vir, deen dräi Joer ronderëm d'Welt fiert, fir déi modern Exploitatioun oder Versklavung vum Aarbechter ze weisen? Keng Ahnung, wat seng Absicht sinn. Et gött keen Off-Kommentar, just déi eng oder aner kleng Citatioun gött am Bild ageblend, d'Kamera bezitt Position, de Michi verstoppt sech schon e bëssen derhantert a léisst eis eleng mat de Biller. Kuckt, datt der eens gitt ...

Déi éisträichesche Journalistin Isabella Reicher schreift: "Megacities ist kei-ne politische oder historische Reportage, keine Analyse." Géifs de dat och fir Workingman's Death soen?

Jo, mee "so what"? De Mischi mëcht Filmer a schreift keng Thesen iwwer gesellschaftlech Mësstänn oder hält Anti-Globalisierungsrieden. Mee wann een awer selwer e bësse politesch Feingespier huet, da kann een nëmme souwuel Megacities wéi och Workingman's Death als dat gesinn, wat se tatsächlech sinn: äusserst politesch Filmer, déi een opréieren an een nodenlech maachen, déi een en plus och nach touchéieren an ergräifen, sou wahnsinnig schéin a gläichzäitig brutal sinn d'Billen, déi een do zervéiert kritt.

Leeft de Film net Gefor, de Misär ze esthetiséieren?

Déi Fra an der Ukraine, déi mat hirem Mann an de Kueleschacht kraucht an doheem d'Geesselche grousszitt a laacht a behaupt, si hätt e schéint Liewen, ass dat Misär? Oder de Schweesser, dee während 10 oder 11 Méint an engem Stéck ënnert gréisster Liewensgefor Uelechtankeren a Stécker leet, ass dat éischer Misär? An do kann een dann d'Billen gär hunn oder zevill esthetesch fannen, mee de Geschichte vun deene Leit oder

hirem Misär kann een sech dach net entzéien, an d'Diskussioun ass lancéiert. An dat ass menger Meenung no dat eenzeg, wat zielt.

Obschonns: Verfällt de Glawogger net um Niveau vun der Billersprooch an eng ähnlech Mythisierung géintwärtig der Aarbecht, wéi déi, déi e mat den Ufängsbiller iwwert de Stakhanov kritiséiert? Just datt seng eben negativ ass.

Kann ech der net falsch maachen, mee fir mech ass dat awer legitim, well de Michi esou mat sengem Film eng Wierkung beim Publikum erreicht, déi en anescht wahrscheinlich net géif errechen. An hie mëcht dat jo och an enger "gudder" Intention, oder net? Wann en hautdesdaags keng groussaarteg a spektakulär Biller mëcht, kann een et direkt vergiessen, mat engem Documentaire nach an de Kino ze kommen. Och Workingman's Death wäert et awer a ville Länner schwéier hunn: Well haut därerf een zwar Filmer weisen, an deenen Mënschen aner Mënschen bluddeg schloën an op déi bestialescht Manéier ofmuerksen, mee et ass ëmmer nach schwéier, ze weisen, wéi Déieren an engem Schluechthaus geschluecht ginn.